N°570
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024
Chambre des Députés

adr
Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Duerch d'Annulatioun vun der Circulaire L.I.R. 46/2 vum 23. Mäerz 2018 kënnen Independanten hir Soziallaaschte säit dem 1. Januar dëst Joer net méi iwwert hire Betrib bezuelen, mee mussen dës aus eegener Täsch virstrecken. Déi Moossnam, déi ob den éischte Bléck wéi eng reng Ëmstellung vun der Comptabilitéit ausgesäit, bedeit fir d'Betriber awer dacks zolidd Méikäschten, well déi betraffe Leit sech déi entspriechend Zomm fir d'éischt musse virstrecken an deementspriechend versteieren. An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 8344 aus der Legislaturperiod 2018-2023 hat déi deemoleg Madamm Finanzminister dës Moossnam mat enger Incompatibilitéit mat den Artikelen 109 an 110 vum modifizéierten Akommessteiergesetz vun 1967 begrënnt.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Froe stellen:

1) Gesäit den Här Minister net de Risiko, datt duerch dës Decisioun manner Leit sech trauen, sech selbststänneg ze maachen?
2) Kéint den Här Minister sech virstellen, d'Akommessteiergesetz vun 1967 esou ze iwwerschaffen, datt déi bis 2023 üblech Comptabilitéit vun de Soziallaaschte fir Selbststänneger nees kann applizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°570 vum 4. Abrëll 2024 vum éierbaren Deputéierte Fred Keup**

D'Behandlung vun de Soziallaaschte vun den Independante gouf an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°8344 *in extenso* beschriwwen. D'Situatioun huet sech zanter hier net geännert, an déi Erklärungen hunn nach ëmmer hier Gültegkeet.

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth